

*Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

Déi fir de Projet sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder enthalte sech.

De Projet de loi ass mat 52 Jo-Stëmmen a 4 Abstentionen ugeholl.

*Ont voté oui: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes (par M. Marco Schroell), Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer (par M. Gusty Graas) et Théo Stendebach;*

*MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké (par M. Ben Fayot), Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Alex Bodry), MM. Georges Wohlfart et Marc Zanussi;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss (par M. Camille Gira) et Mme Renée Wagener (par M. François Bausch);*

*M. Aloyse Bisdorff.*

*Se sont abstenus: MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling et Robert Mehlen.*

Ass d'Chamber d'accord, fir d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

*(Assentiment)*

Et ass esou décidier.

Den Här Fayot wëllt nach eppes soen.

**M. Ben Fayot (LSAP).** - Ech wollt just soen, dass ech mat Jo gestëmmt hunn am perséinlechen Numm, mä dass mäin Apparat anscheinend net gaangen ass. Wëllt Der dat emol vläicht nokucken?

**M. Lucien Weiler (CSV).** - Här President, wéini kënnt endlech den Här Krecké erëm, datt do emol rëm Uerdnung gëtt?

**M. le Président.** - Mir kontrolléieren dat, Här Fayot!

Den Här Lucien Lux huet d'Wuert nach gefrot, fir den Dépôt vun zwou Propositions de loi ze maachen.

*(Interruptions)*

*(M. Jean Asselborn prend la Présidence)*

## 2. Dépôt de deux propositions de loi

**M. Lucien Lux (LSAP).** - Här President, ech wollt...

Här Di Bartolomeo, géift Der vläicht nolauschteren?

... zwou Propositions de loi deponéieren:

- *Proposition de loi 4769 portant modification de la loi modifiée du 12 mars 1973 portant réforme du salaire social minimum;*

- *Proposition de loi 4770 portant modification de la loi modifiée du 19 juin 1985 concernant les allocations familiales et portant création de la caisse nationale des prestations familiales.*

Déi éischt gesäit eng Erhéijung vum Mindestloun vir op den 1. Januar 2002 vun 3,5 %. Déi zweet gesäit vir, dass mer d'Kannergeld erhéijen den 1. Januar 2002 èm 12.000 Frang pro Kand pro Joer an déiselwecht Operatioun nach eng Kéier op den 1. Januar 2003.

Merci.

**Plusieurs voix.** - Très bien!

**M. le Président.** - D'Chamber hëlt Akt vum Dépôt vun zwou Propositions de loi a leet se virun un déi zoustänneg Kommissiou.

Mir kommen elo zur Diskussioun vum Projet de loi 4576 iwwert den Zougang zu den öffentleche Gebaier an der Proposition de loi 4097 iwwert deeselwechte Sujet.

Et si bis elo schonn ageschriwwen: déi Hären Di Bartolomeo, Belling, Gibéryen, Gira a Lux.

D'Rapportrice ass d'Mme Marie-Josée Meyers-Frank. Mme Meyers, Dir hutt d'Wuert.

## 3. Projet de loi 4576 portant sur l'accessibilité des lieux ouverts au public

**Proposition de loi 4097 de Mme Françoise Kuffer concernant l'accessibilité des lieux pour les personnes déficientes**

*Rapport de la Commission de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse*

**Mme Marie-Josée Meyers-Frank (CSV), rapportrice.** - Merci, Här President

Dir Dammen an Dir Hären, de Gesetzesprojet iwwert d'Accessibilitéit vun den öffentleche Gebaier an Arichtungen ass ee Projet, dee mir besonnech um Häerz läit. Am engste Familljekrees an där Gemeng, an där ech wunnen, ginn elo gläich ee Jorhonnert Dag an Nuecht behënnert Mënsche betreit an dat